ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Soziales an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Durchs Netz gefallen", deen de 16. Abrëll am Tageblatt publizéiert gouf, geet vun engem Porzeläinhirsteller vu Betebuerg riets, deen ënner anerem opgrond vun de COVID-Restriktioune vun der Lëtzebuerger Regierung sou gutt wéi all seng Opträg verluer huet, awer keng vun de finanziellen Ersatzleeschtunge vun der Regierung an Usproch huele kann. Dëst, well hie seng Opträg als Zouliwwerer vum HORESCA-Secteur an net als concernéierten Entrepreneur selwer verluer huet. Um Terrain loossen sech weider sou Beispiller fannen. Sou sinn zum Beispill och Entreprisen, déi a kulturellen Etablissementer d'Gestioun vun der Garderob iwwerholl hunn, vum nämmlechte Problem betraff.

Duerfir géif ech deenen zwee Ministere gär des Froe stellen:

1) Erfaasst d'Regierung dës Fäll an enger separater Statistik?
2) Kéint d'Regierung sech virstellen, hir finanziell Ersatzleeschtungen am nationale Kader och op Zouliwwerer vun Entreprisen auszeweiten, déi vun de COVID-Restriktioune betraff sinn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten